

Blutspend vu Männer, déi Sex mat Männer hunn:

De Moment kenne Männer, déi mat anere Männer Geschlechtsverkéier hunn (men having sex with men), zu Lëtzebuerg ënnert ganz restriktive Bedéngunge Blut spenden an zwar nämlech wa Si eng Karenzzäit vu 12 Méint ouni Geschlechtsverkéier hannert sech bruecht hunn.

Hinne bleift just d'Méiglechkeet vum Plasma-Spenden an dat och nëmme wann si véier Méint virdu kee gläichgeschlechtliche Geschlechtsverkéier haten. Dës Period entsprécht der „fenêtre sérologique“, eng Karenzzäit tëscht der Kontaminatioun an dem Optauche vun Antikierperen, zum Beispill am Fall vun HIV, an no därer Oflaf ee réischt eng Infektioun mat enger Geschlechtskrankheet feststelle kann. Dëst Konditioun gëllt fir all sexuell Orientéierung.

De Questionnaire vun der Croix-rouge deen all Persoun muss ausfëllen déi Plasma spende wëll, ass duebel-diskriminéierend well ee Mann an eng Fra gefrot ginn op si an de leschten 12 Méint Geschlechtsverkéier mat engem Mann haten dee sexuell mat anere Männer aktiv war. Dat heescht, datt Männer déi mat Männer Sex hunn, véier Méint virun hirer Spend kee gläichgeschlechtliche Geschlechtsverkéier dierften hunn. Zousätzlech dierften si och 12 Méint virdu kee gläichgeschlechtliche Verkéier hunn. Fir ons als Jonk Sozialisten ass dat eng kloer diskriminéierend Approche a mir fuerderen déi politesch Responsabel op schnellstméiglech ze handelen.

Nieft dëser Diskriminéierung, muss en awer och feststellen, datt d'Zuele vun de sexuell iwverdrotbare Krankheeten an de lëschte véier Joer immens an d'Luut gaange sinn. Statistiken no sinn et, zum Beispill 2020 zu Lëtzebuerg 311 gemellte Fäll vu Tripper (Gonorrhée) ginn an 2021 ganzer 417.

Well dës de status quo zu Lëtzebuerg ass, fuerderen d'Jonk Sozialiste Lëtzebuerg, datt:

- Homosexuell souwéi bisexuell Männer kenne Blut spenden, nodeems si de néidege Questionnaire vun der Croix-rouge ausgefëllt hunn;
- Präventiv Moossnam vum "individuelle Risiko" soll net op Geschlecht oder sexuell Orientéierung sech applizéieren, mee éischer op sexuell Verhalen.
- D'Karenzzäit vu véier Méint fir Plasma-Spend soll fir all sexuell Orientéierung gëllen;
- Méi Opklärung a Verstärkung vun der Präventioun vu Geschlechtskrankheeten zu Lëtzebuerg fir d'Steigerung vun de bekannte Fäll an de Grëff ze kréien.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2023

Brian Halsdorf